N°5486
Reçue le 10.01.2022
Déclarée recevable et urgence non reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 11.01.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 10. Januar 2022

Här Präsident,

Esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, wéilte mir eng dringend parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch an un den Här Policeminister stellen.

An engem Communiqué vum 9. Januar schreift d'Police, dass sech an der « Unité de sécurité-UNISEC » am CSEE zu Dräibuer ee Grupp vu Jugendlechen geweigert hunn, an hir Zellen ze goen. Nodeems d'Policebeamten op der Plaz versicht hunn ze vermëttelen, fir déi Jugendlech dozou ze bréngen an hir Zëmmeren ze goen, hunn dës an der Folleg Géigestänn op d'Beamten geworf a se sinn och handgräiflech ginn. Dobäi goufen 3 Policebeamte verletzt.

Zwee vun deene 6 Jugendlechen goufen op Uerder vum Parquet op Schraasseg an de Prisong bruecht. 4 Mataarbechter vun der UNISEC a 3 Jugendlecher hu missen fir eng Kontroll an d'Klinik. Och koum et zu erhieflechem materielle Schued.

Opgrond vun dësem Virfall wéilte mir folgend Froen un d'Madamm Ministesch an un den Här Minister stellen :

- Sinn et speziell Grënn ginn, firwat sech déi 6 Jugendlech dogéint gewiert hunn, fir an hir Zell zréck ze goen ? Huet sech de Konflikt tëscht dëse Jugendlechen an dem Personal vun der UNISEC an iergendenger Manéier am Virfeld schonn ugekënnegt gehat ?

- Koum et zu änleche Virfäll an der rezenter Vergaangenheet,wou d'Mataarbechter vun der UNISEC um Punkt waren d'Police ze ruffen, et awer net gemaach oder gebraucht hunn?

- Wéi eng Faiten ginn deene 2 Jugendlechen, déi an de Prisong op Schraasseg verluecht goufen, à la base reprochéiert ?

Den Transfert vu Jugendlechen op Schraasseg werft op en Neits déi leideg Fro op, ob Jugendlecher op Schraasseg gehéieren. An d'Äntwert ass do kloer, obschonn d'Gesetz sou Transferten erméiglecht.

- Ass d'Madamm Ministesch sech der Urgence nom Bau vun zousätzleche Strukturen respektiv dem Ëmbau vu bestoenden Immobilien fir Jugendlech, deenen méi schwéier Vergoen zu Laascht geluecht ginn, bewosst ?

- Wou ass d'Planung no dëse Strukturen oder d'Sich no Gebailechkeeten drun, wëssend dass sou Projeten net vun haut op muer kënne realiséiert ginn ?

D'Madamm Ministesch huet sech fir 2021 d'Fäerdegstellen vun de Gesetzesprojeten iwwer de Jugendschutz an d'Jugendstrofrecht virgeholl gehat.

- Wéini beabsichtegt d'Madamm Ministesch d'Chamber mat engem oder zwee Gesetzesprojet(en) iwwer de Jugendschutz respektiv d'Jugendstrofrecht ze saiséieren ?

Mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

**Octavie Modert**
**Deputéiert**

**Léon Gloden**
**Deputéierten**

N° 5486
Reçue le 23.02.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Educatioun, Kanner an Jugend, Claude Meisch, an der Madamm Justizministesch, Sam Tanson, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5486 vun den honorabelen Deputéierten Octavie Modert a Léon Gloden**

**Ad 1)**

Et gi keng eendeiteg identifiable Grënn firwat sech déi Jugendlech gewiert hunn, ob hier Kummeren zréckzegoen. De Konflikt ass éischter op eng negativ Gruppendynamik zréckzeféieren, och wëll verschidde Jonker, déi zu deem Zäitpunkt an der UNISEC waren, sech scho länger kannt hunn. Eng ähnlech Situatioun gouf et schonn um Virowend vum 8. Januar 2022, déi awer konnt am Dialog geléist ginn.

**Ad 2)**

Virum Weekend vum 8. Januar 2022 gouf et keng Situatiounen an deenen d'Police an der UNISEC huet missen intervenéieren.

**Ad 3)**

Et handelt sech ëm eng lafend Enquête wourop d'Ministeren, opgrond vun der Gewaltentrennung, keng Positioun bezeie kënnen.

**Ad 4) a 5)**

Fir d'éischt sief bemierkt, datt den neien Avant-projet de loi virgesäit, datt kee Mannerjärege méi dierf an en Erwuesseneprisong placéiert ginn. Dëst bréngt effektiv mat sech, datt d'Strukturen mussen adaptéiert ginn. An deem Kontext ass d'Planung vun enger Struktur fir Mannerjäreger am gaangen. Esoubal dës Planung ofgeschloss ass, gëtt d'Resultat dovunner der Chamber virgestallt.

**Ad 6)**

D'Gesetzesprojeten iwwer de Jugendstrof- an d'Jugendschutzrecht ginn nach virun Ouschteren 2022 an de Regierungsrot, fir duerno an der Chamber déposéiert ze ginn.

Lëtzebuerg, den 23. Februar 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH